STAD DIKRICH

NATIIRLICH FIR EECH DO!

www.diekirch.lu

NEWSLETTER MEE 2026

SCHANTERCHER

Avancement SIDEN Schantjen

De Schantje fir de Bau vun engem neie Kanal vum Ofwaassersyndikat SIDEN laanscht de Vëloswee tëscht der *Stole Bréck* an der *Ficellesbréck* kann Enn Juni virugoen. An enger éischter Phas sollen d'Réier tëschent der *Ficellesbréck* an der *Stenge Bréck* verluecht ginn. Wann alles gutt geet, sollen dës Aarbechte bis de Kollektivcongé fäerdeg sinn. Nom Congé collectif da sollen d'Aarbechte bei der *Stenge Bréck* erëm ugesat ginn, sou datt dës fir Ufank/Mëtt September um Niveau vum Camping wäerten ukomm sinn. De SIDEN Schantjen op Dikricher Terrain soll am Oktober definitiv fäerdeg sinn.

GEMENGEPROJETEN

Budget Participatif II

2025 war den éischte participative Budget vun der Gemeng lancéiert gi fir zesumme mat alle Bierger d'Zesummeliewen ze stäerken oder ëffentlech Plazen ze verbesseren. Och dëst Joer soll nees en Deel vum Budget fir e Projet agesat ginn, dee vu Bierger aus der Gemeng proposéiert gouf. Dir kënnt eis Är Iddien nach bis den 30. Juni eraschécken. All Detailer fir de *Budget Participatif* 2026 fannt Dir iwwer de QR Code am Bild.

FESTER & EVENTER

De Mikro-Mëttwoch

Den **10.6.** ass eng zweet Editioun vum Mikro-Mëttwoch geplangt. Déi Kéier kënnt d'Schauspillerin Fabienne Hollwege op Dikrich fir en Theater Workshop, wou ee Kierper-, Stëmm- an Otemübunge bäibruecht kritt fir sech op d'Rollen- an Theaterspill anzestëmmen. Iwwer gruppendynamesch Spiller sollen Improvisatioun, Emotioun a Kreativitéit trainéiert ginn. En Atelier, bei deem ee mat ganzem Kierperasaz kann an d'Welt vum Theater andauchen.

Aschreiwung: communication@diekirch.lu

Visitt Kierfecht

Jidder Graf erzielt eng Geschicht vun engem Mënsch, enger Famill a Schicksaler, déi och zu eisem gemeinsamen Ierwe gehéieren. Dofir invitéiert d'Griewerkommissioun vun der Gemeng de **6. Juni** nomëttes um 14:30 Auer op eng guidéiert Visitt vum Dikricher Kierfecht. Wärend dëser Besichtegung entdeckt Dir Familljegeschichten, Griewertraditiounen an d'Bedeitung vum Erhale vun dëser Erënnerungskultur, eisem patrimoine funéraire. Rendez-Vous ass bei der Entrée vum Ale Kierfecht.

Nationalfeierdag

D'Feierlechkeete fir Nationalfeierdag zu Dikrich fänken dëst Joer de **17. Juni** ab 10 Auer moies mat der **Militärparad** op der Kluuster un. Den **22. Juni** ass erëm dat grousst **Volleksfest** op der Kluuster – um 19 Auer geet et lass mat engem Familljefest fir Grouss a Kleng. Héichpunkt vum Owend ass um 23:15 eng nei konzipéiert Droneshow. Den **23. Juni**, op **Nationalfeierdag** selwer, ass ëm 10 Auer de feierlechen Te Deum an der Parkierch. Duerno gëtt um 11 Auer um Bottermaart de Cortège vun den Notabilitéiten aus der Stad Dikrich opgestallt, deen da bis op d'Kluuster defiléiert. Do ass um 11:30 Auer déi traditionell Ried vum Buergermeeschter. Fir ofzeschléissen invitéiert d'Gemeng op den Aperitif op der Kluuster.

Eselsfestival

De **27. Juni** ass déi zweet Oplag vum Dikricher Eselsfestival, deen dat lescht Joer aus dem Eselsfest an der Braderie ervirgaangen ass. Nieft flotte Stänn an Animatioun am Park vun der Gemeng ass deen Dag deemno och e grousse Stroossemaart am Stadkär. Fir béid Plaze mateneen ze verbannen, gëtt e flotten Ieselsrallye organiséiert, wou ee muss souwuel am Park wéi och an de Geschäfter no klengen Ieselcher sichen. Déi di matmaachen huelen un engem Gewënnspill deel, bei deem et vill flott Präisser ze wanne gëtt. Den Eselsfestival ass vu moies um 10:00 bis owes um 18:00.

KLIMANEWS



KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima
50%

Um 14. Klimapaktdag den 8. Mee am Stater *Cercle Municipal* gouf d'Gemeng Dikrich fir hir 50% Zertifikatioun am Kader vum Klimapakt 2.0 ausgezeechent. Domat huet d'Stad Dikrich iwwer d'Hallschent vun hire Mesuren aus dem Leitbild erreecht. Schonn am Joer 2022 war dëse Seuil iwwerschratt ginn. Am Kader vun engem Re-Audit am Oktober 2025 konnten dunn 61,6 % erreecht ginn. Domat war de Seuil vu 50% confirméiert. Fir den nächste Klimapaktdag dierft Dikrich deemno eng Auszeechnung fir déi 65 % Zertifikatioun erwaarden.

→ Wëllt och Dir am Kader vum Klimateam um Klimapakt 2.0 matschaffen, da mellt Iech bei eisem Klimabotschafter Bruno.Diogo@diekirch.lu

INFORMATIOUN

DIKRICH TV | Um Infokanal, bei der Post an Eltrona
| All 3. Méindeg am Mount owes um 19 Auer eng nei Emissioun

NÄCHSTEN DEIWELSELTER (LU FR EN) | Mëtt September 2026 per Post an op diekirch.lu